



Allgemeng Hausregelen fir den Home Luss Collini zu Suessem

Léif Gäscht

Dir hutt iech fir den Home " Luss Collini entscheed. Mir soen iech Merci fir dëse Choix a wënschen iech e flotten Oppenthalt. De Chalet gehéiert der a.s.b.l. "Frënn vun de Suessemer Guiden a Scouten". Nëmme duerch den Asaatz vu ville Freiwëllegen, kënnen mir iech den ugebuedene Präis garantéieren. Den Home an d'Campplaz ginn nëmme vu Bénévolen verwalt an ënnerhalen. Mir wärend frou wann dir dat net während ärem Oppenthalt giff vergiessen!

Ariichtung vum Haus:

1.Kichen: Frigidaire, Backuewen, Gas, Spullmaschin a Kachgeschier, Glierer, Bestecker, Telleren, Tassen a Plattauën fir ongeféier 50 Persounen. 2. Dëscher a Still fannd dir an de grouse Säll. 3. Zweestäckeg Better an den 2 Dortoiren. 1 Dortoir fir Chef/tainen. Et sti keng Bettwäsch, Decken oder Schlofsäck zu ärer Verfügung. D'Miwwelen däerfen net verréckelt ginn.

Hausregelen:

Den Home "Luss Collini" gëtt net kommerziell genotzt. D'Gérance ass bénévol, all ufalend Käscht gi gréisstendeels vun de Locatioune gedeckt. Fir d'Locatiounskäschten sou kleng wéi méiglech ze halen, wärend mir frou wann dir wat hei steet giff respektéieren:

De Locatär ass haftbar fir all Schued am oder um Haus, grad ewéi fir all Accident deen enger Persoun ënner senger Responsabilitéit geschitt. Aus deem Grond muss hien groussjäreg sinn. De Verwalter huet all Moment Zougang zum Haus.

De Locatär ass gebieden all Schued am Haus oder un der Ariichtung ze vermeiden. Sollt awer eppes zu Schued kommen, muss de Verwalter doriwwer informéiert ginn.

Wann de Locatär ukënnt, kritt hien e Schlëssel. Dësen däerf net un en Drëtten weidergereecht ginn. Geet de Schlëssel verluer, bezillt de Locatär di ufalend Käschten.

Fëmmen am Haus ass verbueden:

D'Fëmmen am ganzen Home ass strengstens verbueden . Dir sidd gebieden d'Äschebecheren ze benotzen déi bei all Entrée vum Home stinn. Geheit keng Stëmp op de Buedem, eng Zigarette verknascht 50 Liter Waasser.

Hausdéieren:

Et ass verbueden, Hausdéieren mat an den Home ze bréngen.

Nuetsrou:

Mir ënnerhalen eng frëndschaftlech Beziéung mat eise Noperen a wëllen, dass dat och sou bleiwt. Dofir biede mir iech d'Nuetsrou vun 22:00 – 7:00 Auer anzehalen.

Iessen an Drénken ass op den Dortoirë verbueden !!!

Propretéit:

Mir bieden iech, d'Haus an engem propperen Zoustand ze verloossen. Speziell d'Kichen an d'Sanitäreim si bei ärem Départ ganz genau ze kontrolléieren.

Keng Emmännerungen am Haus:

Mir bieden iech d'Better an d'Matrazzen op hirer Plaz stoen ze loossen. Är Biller, Noriichten a Formulären kommen op déi dofir virgesinne Magnéit – oder Pinnwänn.

Knaschtesch Schong:

Knaschtesch Schong gehéieren net an d'Haus. Mir roden iech, Schlappe mat ze bréngen.

Dëscher a Still:

Mir bieden iech d'Dëscher an d'Still net mat raus ze huelen. Fir den Ausseberäich stinn Dëscher a Bänken an

der Garage. Dës müssen no Gebrauch op hir Plaz zeréck kommen.

Dreckschächten eidel maachen:

Fir d'Aarbecht vum Verwalter ze vereinfachen, soll dir d'Glas, de Plastik, an de Reschtmüll an di dofir beschrëften Dreckschächte geheien.

Umeldungformulaire ausfüllen:

Wann der ukommt, muss dir laut Gesetz dat offiziellt Umeldungformulaire ausfüllen.

Beréng ëm d' Haus:

D'Wiss hannert dem Home gehéiert och zum Haus. De Locatär kann se selbstverständlech fir seng Aktivitéitete benotzen. Et ass verbueden op der Feiertrap ze spillen!!!!

Botzgeschier:

D'Botzgeschier steet an engem Raum am Keller niewent dem Lift

D'Schlussbotzen get vun der asbl vum Home Luss Collini ausgefuert (bezielbar)

Dicher:

D'Locatäre müssen hir Spull- a Kichendicher matbréngen.

Gebrauchsuweisungen vun der Kachmaschin a Spullmaschin:

sin an der Kichen affichéiert.

Futtis't Material:

Mir bieden lech, dem Verwalter all Schued ze mellen.

Rechnung:

De Locatär verflucht sech, den ofgemaachte Locatiounspräis grad wéi all zousätzlech Käschen virun sengem Départ ze bezuelen.

Virun der Ofrees:

1. De Reschtoffall an déi dofir virgesinnen Dreckschächten geheien.

2. Di benotzte Reim si propper an uerdentlech ze verloossen. D'Pabeierkierf sinn eidel ze maachen.

D'Dëscher an d'Still gi fiicht ofgemaach grad wéi d'Kichenapparater (Kachmaschin, Frigo, Spullmaschin asw.)

Di benotzte Reim, besonnesch d'Sanitärsanlagen gi grëndlech gekiert .

Kamäin:

Et ass verbueden am Kamäin ze grillen. Wa Feier gemaach gött, muss d'hauseegend Holz gebraucht ginn.

Locatioun während der Schoulzeit:

Den Home ass Samschdes ab 16:30 Auer disponibel

Locatioun während der Vakanz:

Den Home ass vun Samschdes mueres un disponibel